

am Ausland déi Saache vill méi einfach duerchgezu gi sinn.

Et muss een och bedauern, datt bei der Exekutioun Strofbestëmmunge virgesi sinn, souguer bei enger Erreur matérielle. Och dat fënnt een a kengem anere Land.

Den Artikel 100 zum Beispill weist där Infractionne vir, an et misst ee scho bal Masochist si fir zu Lëtzebuerg ënnert deene Konditiounen Gestionnaire vu sengem Fong ze ginn.

Et kann dach net sinn, datt dat, wat mer zum Beispill am Blanchiment virgesinn hate fir Affekoten, wou d'Intentioun muss virleien, hei net berücksichtegt ginn ass, an datt eng einfach Erreur matérielle duergeet.

Da muss ee beim Artikel 108-2 virgesinn, datt do anscheinend déi non communautaire Fonge viséiert sinn. Ech froen de Rapporteur, firwat déi communautaire Fongen an dësem Gesetz op dësem Punkt excluéiert sinn.

Deen drëtten Punkt, dat ass d'Mise en œuvre, dat ass den 23. September 2005 vun dësem Joer. Dat ass ee relativ kuerzen Délai - en ze vill kuerzen Délai a mengen Aen -, fir kënnen hei sech konform zum Gesetz ze setzen. Zumools mat deene ville Prozeduren an Dokumenter, déi mussen erstallt ginn.

Aus deem Grond kënnen mer mat dësem Projet net d'accord sinn. Mir wäerten ons dofir enthalten.

**M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Dann huet d'Regierung d'Wuert. De Budgetsminister, den Här Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zu deene véier Projeten zesumme schwätzen, well am Fong gehéieren déi véier zesummen.

Déi véier verstärken d'Gesetzgebung vun eiser Finanzplaz. Dat ass gutt fir d'Finanzplaz, dat ass gutt fir eist Land, well d'Finanzplaz ass ee vun den Haaptpillere vun der Lëtzebuerger Economie an et ass och eng vun de groussen Einnahmequelle vum Lëtzebuerger Stat. An duerfir mengen ech ass et gutt, datt ee sech ëmmer rëm mat deem Sujet ofgëtt.

Et ass duerfir net d'Minuttenzuel, Här Rapporteur, déi ausschlaggebend ass fir d'Wichtigkeet vun de Projet-de-loien, mä et ass de Contenu vun deene Projet-de-loien. An duerfir géing ech gären lech, Här Rapporteur Thiel, an och deenen anere Kolleegen aus der Finanzkommissioun, Merci soe fir déi Sujete seriö behandelt ze hunn.

Ech géing och bei de Mercïe wëlen dem honorablen Här Huss Merci soen, datt en d'accord war, datt mer seng Interpellatioun no dëse Projet-de-loien huelen, well ech muss ee Fliger huele fir op eng Sitzung vun der europäescher Agence vun der Sécherheet vun de Baussegrenzen ze goen. A vu datt de Fliger geschwé flitt, sinn ech frou, datt mer konnten déi Projeten hei am Ufank vun der Sitzung huelen. An duerfir wollt ech him fir dat Versteesdemech Merci soen.

Déi Projeten haut beweisen och d'Diversitéit vun der Finanzplaz. Et ass ee Projet iwwert déi international Pensiounsfongen, et ass ee Projet iwwert d'Assurancen, an et ass ee Projet, deen d'Kapital ass fir eis Bourse, nämlech dee vun de Prospekter vun de Valeurs mobilières. An et ass och grad déi Diversifizéierung vun der Finanzplaz, déi d'Regierung wëllt weiderdriewen. Well wann een op vill Standbeener déi Finanzplaz opbaut, dann ass se manner vulnérabel an da kréie mer se weider ausgeweit, wéi mer dat gären hätten.

Mir hätte gären op dëser Finanzplaz Rechtssécherheet fir nei Produkter; Rechtssécherheet, wat mer heimadder och schafen, mä déi awer net ausschléisst, datt ee

Flexibilitéit an déi Gesetzgebungen abaut, do wou verschidden Optiounen méiglech sinn.

An ech deelen absolut net déi Analys, déi zum Schluss elo den Här Henckes gemaach huet, andeem en hei vun Iwwerreglementéierung schwätzt. Et kann een alles am Liewen natierlech, wéi dat beim ADR net ontypesch ass, pessimistesches gesinn. Et si sécherlech eng Rei Problemer, fir datt mer déi Gesetzgebung esou développéiert kréie wéi mer dat gären hätten, mä ech si vläicht méi optimistesches. Ech liesen zum Beispill an der „Neue Zürcher Zeitung“ vum 25.6., dat war viru véier Deeg: „boomendes Fondsgeschäft in Luxemburg“. Do ginn dann dräi hollännesch, belsch Banken zitéiert, déi bal all hir Fongen aus Holland op Lëtzebuerg bruecht hunn. „Luxemburg wieder die Nummer 1.“

Ech ginn lech gären deen Artikel. Et gesäit een, datt de Wuesstum vum Nettoverméige vun de Fongen zu Lëtzebuerg méi schnell geklommen ass wéi an anere Länner. Dat ass och d'Resultat vun enger gudder Gesetzgebung, vun enger Gesetzgebung, déi mer permanent adaptéieren. An do wou mer Schwieregkeete feststellen, do musse mer kucken, datt mer déi Schwieregkeeten dann duerch erëm eng kéier Adaptatiounen vu Gesetzgebunge verbesseren.

Eis Gesetzgebung ass gutt. Duerch dës Gesetzger vun haut gëtt se nach besser. Mir kréien elo nei Méiglechkeeten, déi sech zesumme musse gesinn am Secteur vum „private banking“, wou iwwermer déi europäesch Quellesteierreglung ufänkt, déi also och eist Bankgeheimnis bäibehält. An all déi Saachen zesummen, dee ganze juristesche Kader, deen erlaabt et elo der Regierung fir op eng méi aktiv Aart a Weis d'Promotioun, d'Explikatioun vun der Finanzplaz op de Marchéen dobaussen ze maachen.

Mir sinn eng international Finanzplaz. Mir mussen also kucken, datt mer internationaalt Geschäft op Lëtzebuerg kréien, an duerfir hu mer eis och engagéiert, och ech perséinlech, fir an deenen nächste Méint selwer mat den Akteuren vun der Finanzplaz d'Vermaarte vun der Finanzplaz dobaussen ze maachen. Dat geet schonn u mat zwou Promotiounsreesen am Hierscht, déi eng an Amerika, déi aner an d'Vereenegt Arabesch Emirater, fir do och ze erkläre wat mir als Lëtzebuerg kënnen ubidden.

Et ass e Marché mat enger haarder Konkurrenz an duerfir muss een erkläre wat ee mécht, an dat kann d'Regierung zesumme mat den Akteuren vun der Finanzplaz. Dës Instrumenter hëllefen eis dobäi. An duerfir soen ech der Chamber Merci, datt se hei schéngt eng ganz breet Zoustëmmung zu dëse Projeten ze ginn.

Merci.

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun deene véier Projets de loi, déi mer bis elo diskutéiert hunn.

## 5. 5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et

- portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;

- portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

- portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales (suite)

Fir d'éischt de Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières; dat ass d'Nummer 5444.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Also dat hei ass net dee Projet, wou den Här Henckes sech wollt enthalten.

**(Hilarité)**

De Projet de loi 5444 ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Lucien Clement), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

## 6. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances (suite)

Da komme mer zum Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances; dat ass d'Nummer 5409. Et dauert ee Moment, bis mer d'Elektronik um Stand hunn.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5409 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Norbert Haupt), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

## 7. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle (suite)

Da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle; dat ass den 5360.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5360 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein*

*(par M. Lucien Clement), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Wëllt ee seng Abstentioun motivéieren? Den Henckes huet et gemaach, mä déi aner?

**(Interruption)**

Hien huet et en bloc gemaach, fir lech alleguerten. Très bien.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Merci.

## 8. 5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vum leschte Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle; dem 5361.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Marie-Josée Frank), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Gre-*



then, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

*Se sont abstenus:* MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Interpellatioun iwwert de Projet REACH vum honorabelen Här Huss. Bei dëser Interpellatioun ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Negri an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Interpellant, den honorabelen Här Jean Huss.

## 9. Interpellation de M. Jean Huss au sujet du projet de réglementation «REACH» proposé par la Commission européenne

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*), *interpellateur*.- Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, mir hu gëschter hei iwwer Europa diskutéiert, haut diskutéiere mir dann nach eng Kéier iwwer Europa...

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

M. le Président.- Ech bieden ëm Opmierksamkeet fir den Här Huss.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*), *interpellateur*.- ...awer méi spezi-fesch iwwert déi nei europäesch Chemikaliëgesetzgebung, an dat ass eng ganz vaste an eng ganz komplex Problematik. Et ass warscheinlech eng vun deene gréisste Gesetzgebungen, déi jee an Europa gemaach gi sinn.

Et geet dobäi, wa REACH duerch-gesat gëtt, an engem positive Sënn dorëmmer, fir engersäits d'Ëmwelt ze schütze viru Chemikalien, anersäits awer och d'Leit, déi op der Aarbechtsplaz sinn, ze schützen. Et geet also och ëm d'Aarbechts-plazsicherheit viru Chemikalien. An drëttens geet et ëm Gesond-heetsschied, déi duerch Chemika-lië kënnen verursaacht ginn, an déi een also misst preventiv vermei-den, andeem een eng gutt Chemi-kaliëpolitik geif maachen.

Ech wëllt dës Interpellatioun zum Thema REACH aleede mat folgendem däitschen Zitat: „Zum ersten Mal in der Weltgeschichte ist nun jedes menschliche Wesen vom Augenblick der Empfängnis bis zum Tode der Berührung mit gefährlichen Stoffen ausgesetzt. In den nicht ganz zwei Jahrzehnten, in denen die synthetischen Mittel zur Schädlingsbekämpfung im Gebrauch sind, haben sie sich so gründlich über die ganze belebte und unbelebte Welt verteilt, dass sie eigentlich überall vorkommen. (...) Man hat diese chemischen Stoffe in Fischen weltabgeschiedener Bergseen gefunden, in Regenwürmern, die im Boden wühlen, in Vogeleiern und im Menschen selbst, denn sie werden jetzt von der überwiegenden Mehrheit der Menschen gleichgültig welcher Altersstufe im Körper gespeichert, sie sind bereits in der Muttermilch und wahrscheinlich auch in den Geweben des ungeborenen Kindes vorhanden.“

Dëse kuerzen Text, Dir Dammen an Dir Hären, staamt aus der däitscher Iwwersetzung vun engem Buch ënnert dem Titel „Silent Spring“, op Däitsch „Der stumme

Frühling“ - hei ass dat Buch - aus dem Joer 1962, an dat ass publi-zéiert ginn an den USA.

D'Autorin vun dësem Buch war déi amerikanesch Biologin Rachel Carson, a si huet doranner gewarnt virun den negative Folge fir Ëmwelt a mënschlech Gesondheet, déi vun nei entwéckelte synthetesch Chemikalien, haaptsächlech vu Pesti-zide géingen ausgoen.

Si hat deemools gewarnt virun Aar-testierwen an Aarteschwund; si hat gewarnt viru Krankheeten, wéi Allergien, Kriibs, Fertilitéitsproblemer an neurologesch Erkrankungen, déi vun dëse synthetesch Chemi-kalië kéinten ausgoen, a wann een d'Realitéit vun haut objektiv kuckt, da muss ee leider soen, datt si mat hiren deemolege Warnungen net ganz onrecht behalen huet.

Zënter 1962 awer si vun der chemescher Industrie onzähleg nei synthetesch Substanzen a Substanzklassen entwéckelt an am Bauwiesen, a Konsumartikelen an esou virun, op de Marché bruecht ginn. Kee weess haut genau wéi vill, mä et sinn der offiziell iwwer 100.000, an no de Schwéiermetaller an de Pestizide sinn 1962 bis haut zum Deel genausou proble-matesch Substanzen entwéckelt ginn, vu Léisemëttel iwwer Holz-schutzmëttel an Insektiziden, bis hin zu sou genannte Weichmacher, Flammeschutzmëttel an esou virun.

An d'Ausbreedung vun all dëse Chemikalië bis an déi entleeënsten a verstoppten Ecker vun eiser Welt, vun den Amazonasflëss bis an d'Gletscherséie vun Alaska, ass also zënter 1962 monter weiter-gaangen, an och mir Menschen als lecht Glidd vun der Nahrungs-kette sinn haut alleguete vun der Uräicherung vun esou Substanzen an eisem Organismus beträff.

Am Joer 2004 haten sech beispill-haft eng Partie Europaparlamentarier an duerno och 14 europäesch Ëmwelt- a Gesondheitsministeren zu Budapest Blutanalysen op verschide Chemikalië maache gelooss, an d'Resultater dovunner waren alles mä net berouegend!

An hirem Blut si vu ronn 100 ën-nersichte Substanzen der an der Moyenne tësche 40 a 50% erëmfonnt ginn, an dat obschonn d'Blutanalys eleng sécher net dat beschit Instrument ass fir d'Uräi-cherung vu Chemikalien am Kier-per ze moossen.

Och hei zu Lëtzebuerg hu sech op Initiativ vu Greenpeace e puer Leit, dorënner eisen Ëmweltminister, ën-nersiche gelooss, an och bei dësen Analyse konnten eng Partie vun esou problematesche che-mesche Réckstänn opgedeckt ginn.

Ass dës Uräicherung an eisem Or-ganismus geféierlech, a wa jo, wéi geféierlech ass si dann? Wat fir Krankheete kënnen eventuell do-raus entstoen? Entweder chro-nesch Erkrankungen, vläicht esou-guer Kriibs oder aner Erkrankun-gen? Ech wäert herno dorobber zréckkommen.

An de Medien an an der öffentle-cher Meinung gëtt vu Problemer mat der Chimie meeschtens just geschwat, wann et zu chemesche Katastrophe komm ass, wéi zum Beispill an de 50er Jore Minamata a Japan, Seveso an de 70er Joren an Italien, an den 80er Jore Bhopal an Indien, oder zum Beispill nach d'lescht Joer oder d'virlescht Joer zu Toulouse a Frankräich, wou et zu enger Explosioun do an der chemescher Industrie komm ass.

E gewëssent Interesse, Opmier-samkeet a Bekannttheetsgrad an de Medien an an der Öffentle-keet kruten och nach esou Skanda-ler wéi zum Beispill den Holz-schutzmëttelskandal an Däitsch-land, deen haut och nach un-dauert, virun allem fir déi betraffe Leit undauert, déi haut nach krank sinn, oder zum Beispill de Jorzéng-te schonn undauernde Skandal vum Asbest, deen an de kommen-de Joren nach wäert 10.000 wann

net 100.000 vun Doudegen an Eu-ropa fuerderen, oder zum Beispill och d'Affäre vun den FCKWen, déi laang Joren zur progressiver Verdënnung vun eiser Ozonschicht gefouert hunn, an doduerjer zu ver-mehrtem Hautkriibs oder sou ge-nannte Melanomen.

An all dëse bekannte Fäll aus der Vergaangenheet hunn déi betraffe Fabrikanten a chemesch Industrie laang Zäit oder souguer bis haut wéi am Fall vum Bhopal absolut on-verantwortlech an deelweis krimi-nell reagéiert. Si hu sech domm gestallt, si hunn evident a bekannt Risiko verniedlecht, si hu jorelaang gemauert, zum Deel well si hir Pro-dukter einfach nach e puer Joer profitabel wollten ofsetzen, oder well si grouss finanziell Entschie-deungsprozesser gefaart hunn. Bref, si hunn oft einfach jorelaang weidergemaaht bis si endlech vun der Politik gestoppt goufen, an dat ganz kloer op Käschte vun Ëmwelt an Déierewelt an op Käschte vun der Gesondheet vu ville betraffene Leit.

E lescht aktuellt a rezent Beispill, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Land Nicaragua, an doranner d'Stad Chinandega mat senge Ba-nanneplantagen, wou elo virun dräi Deeg an der internationaler Press ze liese war - ech weisen lech dat hei -, vu Méindeg, dem 27. Juni, wou do zu Dag komm ass, datt 20.000 Leit, déi do an deene Ba-nanneplantagë geschafft hunn, op eng schwéiert Aart a Weis duerch de Pestizid Nemagon an hirer Ge-sondheet geschiedegt gi sinn. Zum Beispill kënnt do 30-mol méi oft Uteruskriibs vir bei Frae wéi soss a ganz Nicaragua, si Feelgebueren, Doutgebueren, Mëssgebueren, Sterilitéit, Hautproblemer, an 1.000 Leit vun deenen 20.000 si bis haut scho gestuerwen.

Mä och do erëm eng Kéier ass dat-selwecht Verhale vun de grouse chemesche Multien, an dësem Fall Dow Chemical, Occidental Chemical, Shell an esou virun, an och vun de Bananneplantagëbesëtzer Chi-quita an esou virun: Si maache guer näischt; si maachen, wéi wann et si guer näischt geif ugoen, an dat ass eng Affär, déi um Niveau vun esou Saache wéi deenen do-ten absolut skandaléis ass.

Souwäit, Dir Dammen an Dir Hären, just ee kuerze Résumé an e puer Stéchwierder iwwer e puer méi ver-gaangen oder rezent Skandalen vun der chemescher Industrie, déi an der Öffentlecheheet, an de Me-dien eng gréisser Roll gespillt hunn.

Vill manner, nach vill ze vill wéineg bekannt ass awer haut de Risiko, sinn Ëmwelt- a Gesondheitsgefore vun eisem alldeeglechen Ëmgank mat Chemikalien, déi all Dag a ganz niddrege Konzentratioune vun eis iwwert d'Haut, iwwert d'Ootmung oder iwwer eis Ernäh-rung nowisbar opgehoill ginn, an zum Deel nowisbar och an eisem Organismus gespäichert ginn.

Iwwert dësen allgemenge mä och individuelle Gesondheitsrisiko kann engem haut keen Aarbechts-medeziner an och keen Toxikolog, dee sech e bësse seriö hält, eng sécher a berouegend Informatioun ginn. Eischstens, well et iwwer dau-sende vu Chemikalien, déi haut um Marché sinn, déi a Baumaterialië sinn, déi a Konsumartikele sinn, keng oder héchstens ongenügend Informatiounen an Date gëtt, oder d'chesch Industrie, wa si esou Daten huet, si bis haut net öffent-lech gemaach huet.

E puer Zuele just iwwert dat heitegt Feele vun Informatiounen an Da-ten: Fir déi wäit verbreetste Sub-stanzen, déi all Joer zu iwwer 1.000 Tonnen hiergestallt a vermaart ginn, sinn et just 14% wou e sou genannte Basisdatensatz öffent-lech bekannt ass. Iwwerhaupt keng

Informatioun, dat heescht guer keng Daten iwwert d'Chemikalië gëtt et fir ronn 15% dovun. Virun al-em iwwert déi sou genannten Alt-stoffer, dat heescht zéngdausen-den, déi virun 1981 schonn hier-gestallt a vermaart goufen, gëtt et haut nach nëmme ganz wéineg In-formatiounen, an eng ähnlech de-solat Situatioun ergëtt sech op der Aarbechtsplaz an der Praxis vum Ëmgank mat sou genannte Ge-fahrstoffer an de Betriber, wou sou genannte Sicherheitsdatenblätter d'Belegschaften vun de Betriber sol-le schützen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat nach de leschte Weekend d'Ge-leeënheet zu Würzburg an Däitsch-land un engem internationale Kon-gress iwwer REACH deelzehuelen an do Zuelen ze héieren iwwert d'Qualitéit vun dëse sou genannte Sicherheitsdatenblätter. Vu qualifi-zéierten Ëmwelt- an Aarbechtsme-deziner ass do gesot ginn, datt just ronn 20% vun deene Sécherheets-dateblieder gutt wieren, 40% géife Feeler enthalten a 40% wiere carré-ment ongenügend.

A souguer en däitschen Aar-bechtsmedeziner vun der cheme-scher Industrie vun der BASF huet op deem Kongress vu schätzungs-weis 20% feelerhaften Informati-oune geschwat, an, wat nach méi problematesch ass, hien huet op Statistiken higewisen, wouno an Däitschland just 12% vun de Fir-men, déi mat esou Gefahrstoffen ëmginn, doriwwer iwwerhaupt se-riö informéiert wieren.

Eng Fro: Sinn dann esou Zuelen eventuell eng Erklärung dofir, firwat datt grad och haut europawäit esou vill Leit op hirer Aarbechts-plaz krank ginn, chronesch krank ginn, eventuell Kriibs kréien, an ëmgekéiert awer europawäit pro-zentual nëmme ganz wéineg Leit als beruufskrank oder invalid uner-kannt ginn, well de Lien zur Exposi-tioun mat Chemikalien net ge-maaht gëtt oder net ka gemaach ginn? Sinn déi wéineg chemesch bedéngte Beruffserkrankungen, déi als solch unerkannt ginn - hei a Lëtzebuerg sinn et der 2 bis 3%, no de Statistiken -, eventuell nëmmen d'Spëtzten vun engem Äisbiërg?

Et muss een ëmmerhi wëssen, datt an Europa ronn 23% vun de Sala-riëen, dat sinn 32 Milliounen Leit, eleng kribbseregende Chemikalien op der Aarbechtsplaz ausgesat sinn. Wéi vill dramatesch Einzel-schicksaler - ech denken zum Beispill un d'Asbestproblematik - si sécherlech domadder verbonnen, mä och wéi vill onnëtz Ausgaben am Gesondheetssektor a wéi vill Belaaschtunge fir d'Krankekeesen, well et si grad esou chronesch schwéier Erkrankungen, déi an der Behandlung am deierste sinn.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net nëmme bei Chemikalien, déi op der Aarbechtsplaz eenzel oder a Kombinationscocktailen zum Asaz kommen, wou haut de Schong dréckt. Ech hat am Ufank drop higewisen, datt allgemeng, dat heescht insgesamt an eiser Ëmwelt, an der Otemloft, de Bie-dem, de Gewässer, Nahrungsmët-tel, Kleeder, Baumaterialien, Miw-wel, Kosmetik, ëmmer méi Chemi-kalien am sou genannte Niedrigdo-sisberäich enthalte sinn, ënner ane-rem och an eise Wunnengen, am Hobbyberäich an esou virun.

A well dës Chemikalien doranner net permanent festgebounne blei-wen, trieden se ënner bestëmmte Konditiounen, Temperaturbedin-gunge beispillsweis, aus, a féieren zur Belaaschtung vun allem, wat mir zu engem gesonde Liewen awer bräichten, nämlech eng ge-sond Loft fir ze ootmen, eng ge-sond Ernährung an esou virun. An dës Belaaschtung erkläert och déi Uräicherung mat esou Substanzen an eisem Organismus, wou haut kee seriöen Toxikolog méi ka be-haupten, esou Chemikaliecocktailen wieren absolut onbedenklech. Héchstens kann haut dozou gesot ginn, datt mer iwwert déi Gesond-heitsrisiken ze wéineg wëssen.

Zwee Aspekter erlaben haut awer dovunner auszegoen, datt déi em-faassend Präsenz an Uräicherung vu Chemikalien negativ Konse-quenzen op eis Gesondheet huet. Eischstens epidemiologesch Daten, op déi sech och d'Europäesch Kommissioun baséiert huet, fir REACH auszeschaffen, an déi no-weisen, datt zum Beispill Asthma an Allergien an deene vergaange-nen zwee, dräi Jorzéngte ganz staark zougeholl hunn a weider nach zouhuelen.

Datselwecht gëllt fir verschide Kriibszorten, zumools fir hormonell bedéngte Kriibszorte wéi Broscht-kriibs, Hodekriibs, Prostata an esou virun, déi mat hormonell wierksame Chemikalien, de sou genannten „endocrin disrupters“, a Verbin-dung bruecht ginn. Dozou gehéie-re vill Pestiziden an aner chloréiert oder broméiert Substanzen, déi eis ëmginn.

Et gëtt an dëser Ëmweltepideo-mologie och nach higewisen op eng Zounahm vun Hirntumoren a Leukämie, virun allem bei Kanner, all Joer ëm 1 bis 1,5%. Et ginn och haut ëmmer méi Liene gesinn të-schent der chronescher Exposi-tioun mat Chemikalien an neurode-generativen Erkrankungen wéi Alz-heimer oder Parkinson oder neuro-psychiatreschen Entwécklung wéi Depressioun, Hyperaktivitéit bei Kanner, Autismus bei Kanner an esou virun. Schliesslech schéngt och d'Chimie eng gréisser Roll dobäi ze spillen, datt haut ronn 15% vun alle Koppelen an Europa keng Kanner méi kënnen kréien.

Zweete Punkt: Niewent epidemio-logeschen Date gëtt et och ëm-weltmedezinesch Erfahrungen an och Schätzunge vu kritesche Wë-senschaftler, an do spillen natier-lech keng Grenzwärter aus der Aarbechtsmedezin oder aus der Akuttoxikologie eng Roll, mä do gëtt als Ausléiser vu Krankheete vi-run allem e Mix aus immunolo-gesche Mechanisme genannt, haaptsächlech Inflammatioun, ge-netesch ongënschtg Konstellati-oune, individuell Suszeptibilitäte vun den einzelnen Leit, altersge-schwächt an esou virun.

Laut Ëmweltmedeziner, déi zum Beispill och vum 13. bis de 15. Juni bei eiser Lëtzeburger Konferenz iwwer Ëmwelt a Gesondheet hei zu Lëtzebuerg dobäi waren, géifen ëmmer méi Leit ëmmer méi emp-findlech op niddreg Konzentratiou-ne vu Wunngëfter, Pestiziden, Schwéiermetaller an esou viru rea-géieren, an eng Partie vun hinne, déi sou genannt MCS-Krank-, „mul-tiple chemical sensitivity“, géife souguer op extrem niddreg Kon-zentratioune vun all deene Produite reagéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wat syn-thetesch-chesch Substanzen alles bei der Gesondheet kënnen uriichten, sief un engem leschten, mä beerouegende Beispill erläu-tert, an zwar um Beispill vun Intelli-genz- a Gehirproblemer vun eise Kanner. Do misste vläicht grad och emol d'Schoulpolitiker hei am Sall e wéineg nolauschten.

**(M. Jos Scheuer prend la Prési-dence)**

D'lescht Joer am Juni huet eng Etüd vum WWF, dem World Wide Fund For Nature, nei wëssen-schaftlech Etüden zesummege-faasst, déi noweisen, datt neuro-toxesch, dat heescht gehirschiede-gend an nerveschiedegend wier-kend Chemikalien d'Intelligenz vun de Kanner géifen aschränken. Vum Bläi ass dat bekanntlech schonn zënter 20 Joer mindestens be-kannt, mä zum Beispill och PCBen, déi extrem laanglieweg sinn, a vun deene mer scho virun dräi Joer hei geschwat hunn, well d'Fësch an eenzelne Flëss domadder belaa-scht sinn, oder zum Beispill och broméiert Flammeschutzmëttel, déi sech an Televisiounsapparater, Computeren, Videoen an esou viru befannen a vun do kënnen ausga-sen, oder an Autossëtzer, a Polster-miwwel, oder souguer a Matratzen, gehéieren nieft villen aneren zu neu-rotoxesch wierksame Chemikalien.